LSAP

N°4238
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An engem rezente Presseartikel gëtt drop higewisen, datt d'Europäesch Chemikalienagence ECHA recommandéiert huet, Trifluoressigsäure, kuerz TFA, als méiglecherweis reproduktiounsschiedlech anzestufen. TFA entsteet ënner anerem duerch verschidde Pestiziden a Killmëttel a kann, wéinst senger grousser Persistenz, zu enger laangfristeger a diffuser Belaaschtung vu Waasserressourcen féieren. Dem Artikel no, muss d'EU elo iwwer méiglech Konsequenzen, wéi Kennzeechnungen oder Verbueter, decidéieren.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister an der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung déi rezent Recommandatioun vun der Europäescher Chemikalienagence, TFA als reproduktiounstoxesch anzestufen, a wéi eng méiglech Konsequenze gesäit si fir Lëtzebuerg?
- Wéi hunn sech d'Moosswäerter vun TFA am Kader vum nationale Monitoring an de leschte Joren entwéckelt?
- Gedenkt d'Regierung, am Virfeld vun enger eventueller europäescher Regulatioun, zousätzlech national Moossnamen ze ënnersichen, fir d'Belaaschtung vun der Ëmwelt duerch TFA ze reduzéieren?
- Sinn am Kader vum nationale Waasser- a Pestizidmonitoring zousätzlech Analysen oder Fuerschungsprojeten zu TFA virgesinn?
- Wéi eng Auswierkunge kéint eng méiglech Restriktioun oder en eventuellt Verbuet vun TFA-bildende Pestiziden op déi lëtzebuergesch Landwirtschaft hunn?
- Leien der Regierung scho Recherchen oder Analysen zu méiglechen Alternativen zu dëse Substanze vir?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu